ZESUMMEN
LIEWEN
LÉIEREN
BEWIERKEN

fondée en 1978
ances
association nationale des communautés éducatives et sociales a.s.b.l.
lëtzebuerger fachverband fir sozial aarbecht, bildung an erzéiung

Miersch/Lëtzebuerg, den 3. Januar 2022

Léif Frënn vum LTPES a vum IEES,

Mir sinn immens motivéiert fir „endlech“ eng Alumni op d’Been ze kréien. An dofir wollte mir elo zesummen mat der ANCES (Association nationale des communautés éducatives et sociales a.s.b.l.) d’Fundament géissen, an zwar no onser Porte ouverte vum **28. Januar 2022 um 20.00h**.

A fir dass e Fundament am Wanter richteg gudd gëtt, suergen mir fir Gedrénks a Finger-Food. Dat ganzt fënnt statt am Préau vum LTPES/LEM riets am Espace vun der Cafetéria “Gëlle Fra”. **Aus bekannten aktuellen Grënn géifen mir et als en 2G+ Event virgesinn.**

Mir hunn nët fir näischt den Dag vun onser 1. Porte ouverte gewielt, well mir fannen, dass dat eng gutt an interessant Méiglechkeet bitt ganz nom Motto “Meet and greet mat Anciens (vun Ex-Schüler*innen a Student*innen bis zu fréieren Direktiounsmemberen)”. En plus hunn mir 2023 e Jubiläum ze féieren...

Fëllt vgl. folgende Formulaire aus (och wann dir den 28. nët kommen kéint). Sou kënne mir iech au courant halen a vläit klappt et jo bei engem nächsten Treffen.

Mir freeën ons elo schonns vun iech ze héieren a ween weess iech schonns den 28. ze gesinn.

https://forms.office.com/r/sGPTfYYmrQ

Mat ganz häerzlechen Gréiss,

D’ANCES Den SSE vum LTPES D’Direktioun vum LTPES